



économique ass a wat fir een datt do muss agedroe ginn. Déi sinn och an den RBE adresséiert ginn, gradesou wéi déi 12.000 anerer. An do ass eeben nach eng Kéier meng Fro: Wéi schnell ginn déi am Prinzip elo instruéiert? A wéi geet et och domadder virun?

► **Mme Sam Tanson**, *Ministre de la Justice*.- Also, zu där leschter Fro, do ass et esou: Déi Demandé kommen eran, den LBR traitéiert déi, also den RBE traitéiert déi eng no där anerer an da kuckt en, ob déi Krittären erfüllt si vum Gesetz oder net.

Dann hëlt e seng Dispositionen an da kann all Einzelnen e Recours géint déi Decisioun maachen oder net. Dat heescht, do kréie mer dann iergendwann eng Kéier eng Jurisprudenz, déi natierlech och de Responsabele wäert weiderhëlfen, fir ze kucken, wéi se mat där Situation an Zukunft wäerten ëmgoen.

An dann, wat d'ASBLen ubelaangt. Mir hunn eng komplett Lëscht weiderginn. Mir hunn awer och alleguerten déi ASBLen identifizéiert. Ech hunn lech d'Zuel virdu genannt - duerfir, ech hat eigentlech gemengt, ech hätt lech op d'Fro geäntwert -, déi net aktiv sinn. Déi kréien alleguerten e Bréif, wou se gesot kréien: „Mir hu festgestallt, Dir sidd net konform zu eiser Legislatioun. Dir hutt säit zéng Joer keng Aktivitéit. Wëllt Der nach existéiere bei eis oder net?“ A wa mer keng Reaktioun kréien, da gëtt déi Radiation administrative virgeholl. Voilà! An ech mengen, dass dat dann ...

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- An déi, déi aktiv sinn, déi sech net gemellt hunn?

► **Mme Sam Tanson**, *Ministre de la Justice*.- Ben, déi kréien déi selwecht ... Déi kréien och nach eng Kéier ... Jiddweree gëtt nach eng Kéier kontaktéiert. A jiddwereen, dee gewëllt ass, dee kritt och all déi néideg Hëllef. Also, ech mengen, hei ass ... Wéi den Delai ofgelaf war, do ass jiddwereen nach eng Kéier ugeschriwwen ginn - jiddwereen! -, fir gesot ze kréien: „Dir musst lech elo konform setzen zu deem Text!“

Dat heescht, et sinn immens vill Moyenen hei a Kraaft gesat ginn. Si hu ganz, ganz, ganz vill geschafft, fir ze probéieren, de Leit esou vill wéi méiglech entgéintzekommen, fir d'Informationen ze ginn, fir hinne ze soen, dass se net konform sinn, fir och all méiglech Disponibilitäten ze weisen, fir een ze accompagnéieren beim Ausfëlle vun de Formularen.

Et gëtt och um Site ganz vill Dokumentatioun, fir ze wëssen, wéi ee soll virgoen. Elo kritt jiddwereen nach eng Kéier gesot, wat ee muss maachen, wat de Risiko ass an esou weider an esou fort. An dann hoffe mer, dass mer op eng Zuel komme wéi bei Länner, déi vläicht scho méi laang amgaange sinn, déi ganz no bei 100 % läit. Mee et ass kloer, dass déi Entitéiten, déi keng Aktivitéit hunn, dass et bei deenen natierlech extrem schwéier ass. Well wa kee sech beruff fillt, fir dat ze maachen, da kréie mer och keng Deklaratiounen eran.

Hunn ech se elo alleguer beäntwert, Är Froen?

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Den Detail kläre mer nach duerno.

► **Mme Sam Tanson**, *Ministre de la Justice*.- Et ass gutt! Merci.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools der Justizministesch.

## 11. 7431 - Projet de loi instaurant un mécanisme de règlement des différends fiscaux

Den nächste Punkt vun eisem Ordre du jour vun haut de Mëtteg ass de Projet de loi 7431 iwwer ee Mechanismus, fir steierlech Differenzen ze reegelen. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Gilles Roth, den Här Franz Fayot, d'Madamm Josée Lorsché, den Här Roy Reding, den Här David Wagner an den Här Marc Goergen. D'Wuert huet elo d'Rapportrice vun deem Projet de loi, déi honorabel Madamm Joëlle Elvinger. Madamm Elvinger, Dir hutt d'Wuert.

### Rapport de la Commission des Finances et du Budget

► **Mme Joëlle Elvinger** (DP), *rapportrice*.- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, beim Gesetzesprojet 7431 handelt et sech ëm eng weider europäesch Direktiv, déi an nationaalt Recht transposéiert gëtt. D'Direktiv féiert en neie Mechanismus an, fir Interpretationsdivergenzen am Kader vum Steierofkommens an der EU ze reegelen. Dat bedeit, dass konkret Prozeduren a Reegele geschaaft ginn, fir de Fall, wou zwee Memberstaaten hir bilateral Konventioun zur Vermeidung vun der Duebelbesteuerung ënnerschiedlech applizéieren an et esou zum Beispill zu Situatiounen kënnt, wou Leit oder Gesellschaften awer duebel besteiert ginn.

Dës Steierkonventioun sinn, wéi mer wëssen, e wichtegt Instrument, fir déi wirtschaftlech Entwécklung vun de betroffene Länner duerch den Austausch vu Wueren, Déngschtleeschtingen, Kapital an Technologie virunzedreien an déi géigesäiteg Relatiounen ze verdéieren.

Mat deem Gesetzesprojet gëtt e weidere wichtige Schrëtt vu Lëtzebuerg gemaach, fir déi verschidde Mesuren, déi de BEPS-Aktiounsplang vun der OECD virgesäit, ëmzesetzen.

Mir haten op dëser Plaz jo ewell schonn eng ganz Rei Projeten, déi als Konsequenz vum Aktiounsplang iwwert d'Érosion de base an den Transfert vu Benefisser, de sougenannte BEPS, vun 2015 deposéiert gi sinn. Ech denken hei zum Beispill un déi multilateral Konventioun oder nach un d'ATA-Direktiven.

Dëse Projet, ëm deen et elo geet, befaasst sech mat de Recommendationen vum Rapport zur Aktioun 14 vum BEPS. Dëse Rapport proposéiert verschidde Pisten, fir déi beschriwwen Divergenzen, déi optriede kënnen, virun allem esou séier an esou effikass et geet, ze klären. Effektiv ass et wichteg, esou Problemer séier aus der Welt ze schafen, fir de gudden Fonctionnement vum Marché unique ze garantéieren an Investisementer an der EU iwwert d'Grenze vun eenzelne Memberstaaten ewech ze erméiglechen.

Aus deem Grond ginn et och haut scho verschidden Instrumenter a Prozeduren op europäeschem Niveau, fir op eventuell Problemer ze reagéieren. Esou gëtt et zum Beispill d'Convention d'arbitrage vun der EU, déi de Mechanismus virgesäit, fir eeben esou Divergenzen ze schlichten.

Och a verschiddene bilateralen Accorde sinn esou Arbitrageklauselen virgesinn. Mee alles an allem ass dat aktuellt Reegelwierk net effikass genuch. Wéinst de ville Lacunen, déi festgestallt gi sinn, ass dowéinst decidéiert ginn, en neie Mechanismus ze schafen, deen zum engen europawäit applikabel ass an zum aneren och contraignant ass.

Mat deem Gesetz gëtt dowéinst en harmoniséierten, flexibelen an transparente Kader an nationaalt Recht ëmgesat, mat deem eventuell Schwierigkeiten an der Applikatioun vu Steierkonventiounen séier an ouni gréisser Schwierigkeiten geléist kënne ginn. Esou ass zum Beispill virgesinn, dass all Steierzueler, deen an der Situatioun ass, ufroe kann, dass eng consultativ Kommissioun an d'Liewe geruff gëtt respektiv eng alternativ Kommissioun fir d'Resolutioun vun den Divergenzen.

Dës Kommissioun kontrolléieren, ob d'Demande admissibel ass an hunn och d'Kompetenz, eng bindend Decisioun ze huelen, wat d'Interpretatioun vum jeeweilege Steieraccord betrëfft. Dobäi kënnt nach, dass strikt Delaie fir déi eenzel prozedural Etappe virgesi sinn, fir op deem Wee eventuell Situatiounen, déi festgefuert sinn, ze deblockéieren.

Et si virun allem dës Delaie, déi net nëmmen eng wierklech Innovatioun duerstellen a wou d'Direktiv nei Weeër geet: Si sinn och essenziell, fir dass de Mechanismus gutt fonctionnéiert an d'Prozedur viruegt.

Am Kader vun deem neie Mechanismus ginn awer och gläichzäiteg duerch spezifesch Dispositionen eng Rei administrativ Contraintë fir Privatleit a Kleng- a Mëttelbetrieber vereinfacht.

Här President, wann Der erlaabt, wäert ech elo net méi an dee ganzen Detail vun deem dach komplexen an technesche Projet de loi agoen an ech verweisen dowéinst fir weider Detailer op mäi schrëftleche Rapport a besonnesch op de Commentaire des articles.

Zum Historique vum Gesetzesprojet bleift nach ze soen, dass de Projet den 11. Abrëll dëst Joer deposéiert ginn ass. Den 3. Juni huet d'Finanzkommissioun mech als Rapporteur genannt. Den Avis vum Staatsrot ass den 12. Juli verëffentlecht ginn, an deem déi héich Kierperschaft och siwen Oppositions formelles formuléiert hat. Nodeems dësen duerch déi parlamentaresch Amendementer vum 30. September Rechnung gedroe ginn ass, konnt de Staatsrot seng Oppositions formelles am Avis complémentaire vum 26. November ophiewen an huet gréng Luucht fir deen heite Gesetzestext ginn.

Ausser dem Staatsrot hunn och nach d'Handelskummer, d'Salariatskummer, d'Kummer vun de Fonctionnaires an den Employés publics, d'Cour supérieure de justice an d'Bezirksgericht vu Lëtzebuerg en Avis ofginn. Ech verweisen och hei fir den Detail op mäi schrëftleche Rapport an op déi jeeweileg Avisen.

An der Reunion vu Kleeserchersdag dëst Joer huet d'Finanzkommissioun du mäi schrëftleche Rapport ugeholl.

Här President, dëst gesot, wëll ech, wéi gewinnt, Merci soe fir d'Nolauschteren an ech ginn natierlech och den Accord vun der Fraktioun vun der Demokratescher Partei zu deem Projet de loi.

► **Une voix**.- Très bien !

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Madamm Elvinger. Als éischte Riedner ass den honorabelen Här Laurent Mosar agedroen.

### Discussion générale

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Jo, Merci, Här President. E ganz grouse Merci fir d'alleréischte natierlech un eis exzellent Rapportrice, déi dat, wéi mer dat vun hir gewinnt sinn, op eng kompetent, détailléiert a kloer Aart a Weis gemaach huet.

Erlaabt mer vläicht och, vun der Geleeënheet ze profitéieren, vu datt ech net weess, ob et hire leschte Rapport ass ...

► **Une voix**.- Et kënnt nach een.

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Et kënnt nach een. Mee dozou schwätzen ech net méi, soudatt ech mer dann awer wëll erlaben, der Madamm Elvinger e ganz, ganz grouse Merci ze soe fir déi eigentlech exzellent Zesummenaarbecht, déi mer ëmmer an der Finanzkommissioun iwwert déi Projeten haten. Si huet dat, wéi gesot, ëmmer mat ganz vill Kompetenz gemaach. Mir wäerte si vermessen. Ech wënschen hir op jidde Fall elo schonn och a mengem perséinlechen Numm bonne Chance an hiren neie wichtige Fonctiounen.

Dat gesot, wëll ech awer ganz kuerz vläicht vun der Geleeënheet profitéieren, fir éischters ze soen, datt mer natierlech dee Projet stëmmen, ech awer vun der Geleeënheet, och vun der Präsenz vum Finanzminister profitéieren, fir nach eng Kéier e bëssen op déi ganz Thematik BEPS anzegoen.

Wéi d'Madamm Rapportrice dat erkläert huet: Dëst Duebelbesteierungsokommes huet jo och dee Volet BEPS an de Vierdergrond gesat. Et ass awer elo a ganz villen Artikelen ze liesen, datt eis amerikanesch Frënn amgaange sinn, um Niveau vun der OECD eigentlech alles ze blockéieren, wat mat BEPS a mat deene Mesuren ze dinn huet, an datt et och am Moment ganz schwéier wär, och fir d'Europäesch Unioun an aner Länner, fir eigentlech do virunzekommen.

An ech wollt eigentlech de Mëtten och elo e bësselche vum Finanzminister wëssen: Wéi geet dat virun? Well ech weess, datt him, wéi villen anere Kolleegen hei am Haus och, de „level playing field“ extrem staark um Häerz läit. An ech froe mech, wéi awer dee „level playing field“ an Zukunft respektéiert wäert ginn, wann een, vläicht deen allergréisste wirtschaftlechen Akteur op der Welt, nämlech d'Vereenegt Staaten, hei blockéieren op wesentelechen Punkten, wëssend och, datt eigentlech d'Amerikaner à l'origine e bësse vun deene ganze BEPS-Mesurë waren. An ech mengen, dat ass eppes, dat muss engem Suerg maachen, fir d'alleréischte als Europäer, mee och als Lëtzeburger. An do wollt ech einfach vun der Geleeënheet profitéieren, fir ze héieren, wéi de Finanzminister d'Analys dovunner mécht.

Dat gesot, nach eng Kéier Merci a mir ginn eisen Accord.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Mosar. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Franz Fayot.

► **M. Franz Fayot** (LSAP).- Jo, Merci, Här President. Et handelt sech jo bei deem Gesetz en fait, wéi d'Rapportrice gesot huet, ëm d'Emsetzung vun der Aktioun 14 vum Paquet BEPS, wou et drëm geet, fir effektiv déi méiglech Interpretationsdivergenzen, déi kënnen entstoen an der Applikatioun vum Duebelbesteierungsokommes, ze schlichten. An deem Sënn begrëisse mir dat hei natierlech. Et dréit derzou bäi, dass esou Situatiounen kloer a schnell kënne gereegelt ginn.

Et bleift allerdéngs ofzewaarden, wéi effikass dëse Procédure ass a wéi oft en ugewannt gëtt. D'Chambre des Salariés huet hei drop higewisen, dass se fäert, dass den Accès zu deem Règlement des différends e bësse schwéierfällig ass a vläicht net oft genuch doduerch ugeruff gëtt. Dofir, mengen ech, bleift et ze gesinn, an et wär vläicht gutt, an zwee Joer e Bilan ze maachen, wéi effikass dës Prozedur effektiv ass an ob ee gegebenefalls hei vläicht muss nobesseren.

Mee, wéi gesot, mir begrëissen dëse Projet. Mir wäerten deen och matstëmmen. An ech profitéieren och hei vun der Geleeënheet, fir dem Joëlle Elvinger Merci ze soe fir säi gudden Rapport an och Merci fir d'Zesummenaarbecht iwwert déi lescht Joren. Voilà!

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Fayot. An da wier et un der honorabelen Madamm Josée Lorsché.

► **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*).- Merci, Här President. Och mir begrëissen dëse Projet de loi, deen e weidere Beweis iwwert, datt Lëtzebuerg bereet ass a wëlleng ass, déi 15 zentral

Moosname vum BEPS ëmzesetzen, net wéi et oft an der Press behaupt gëtt, datt mir do net Tempo maachen. Mir si gutt ënnerwee.

An an deem Sënn ginn ech den Accord vun der grénger Fraktioun a wéilt natierlech och der Madamm Elvinger Merci soe fir hiren zweetleschte gudden Rapport, dee se dann hei presentéiert huet.

Merci.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Madamm Lorsché. An da wier et um honorabelen Här Roy Reding.

► **M. Roy Reding** (ADR).- Merci, Här President. Am Numm vun der ADR kann ech mech och meng Virriedner nëmmen uschlëssen a Merci soen un d'Joëlle Elvinger, net nëmme fir dëse Rapport, mee fir déi exzellent Zesummenaarbecht, déi mer an där ganzer Zäit an der Finanzkommissioun haten.

Wéi d'Wuert et bedeit, sinn d'Conventions contre la double imposition - an dat ass fir eis dee wichtigste Punkt an deem Text - geduecht, fir Duebelbesteuerungen ze vermeiden. Leider kouw et an der Vergaangenheet just zum Contraire, nämlech zur duebeler Besteuerung vun deene selwechten Zommen. An dat huet am Einzelfall zu Besteuerunge vun iwwer 100 % gefouert.

Duerfir fënnst dëse Projet wéi och deen iwwert de BEPS eis absolutt Zoustëmmung.

Merci.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Reding. An da wier et um honorabelen Här David Wagner.

► **M. Roy Reding** (ADR).- Ech hunn zum zweete geschwat, net zum éischten. Dann huet de Laury mech duerjernerbruecht.

► **M. David Wagner** (*déi Lénk*).- Merci, Här President. Ech mengen, de Problem an der EU ass net, datt d'Entreprise respektiv déi ganz Räich ze vill Steiere beziele géifen. De Problem ass éischter deen, datt se der net genuch bezuelen.

Mir mengen, genauso wéi och d'ailleurs d'Lénks Fraktioun, d'GUE, am Europaparlament, wou d'Direktiv och zur Ofstëmmung kouw, datt dëse Projet de loi, och wann en ënnert dem Deckmantel u sech vu BEPS leeft, riskéiert, d'Steierrecettë vun de Länner net ëm een Cent ze erhéien, a warscheinlech - warscheinlech - och wäert d'Steierrecetten no ënnen dreien.

D'Steierbeamten an Europa, déi doe mer u sech leed. Si ginn all Dag konfrontéiert mat 27 verschiddene Steiersystemer, déi stänneg evoluéieren a wou stänneg nei Couché vu Komplexitéit an Onsécherheet uewendrop gepaakt ginn. Si ginn all Dag konfrontéiert mat ëmmer méi sophistiquéierte Steiermodeller, déi vu ganzen Armée vu private Steierberoder erfondt ginn.

A ganz Europa sinn d'Steierverwaltungen no der Kris der Austeritéit zum Affer gefall mat massive Personalkierzungen, zwar net hei zu Lëtzebuerg - dat muss een awer ervirsträichen -, soudatt ëmmer méi Drock op ëmmer manner Mataarbechter läit, während mat deene Skandalen à la LuxLeaks méttlerweil keng Steierverwaltung där anerer méi iwwert de Wee traue kann.

An elo gi se mat dëser Direktiv och nach mat engem Mechanismus konfrontéiert, deen et u sech warscheinlech de Big Four zum Beispill erlaabt, se iwwer Joren ze harceléieren, wa se net schnell genuch paréieren. An dofir wollt ech just hei op e Paragraf hiweisen, nämlech am Artikel 3.9 do steet, datt d'Steierverwaltung ganz am Ofank vun der Prozedur kann - ech zitieren - « décider de régler le différend sur une base unilatérale sans faire intervenir les autorités compétentes des autres États membres concernés », an datt domadder och déi ganz Prozedur gestoppt ass.

Dat heescht am Kloertext, datt, wann d'Steierverwaltung direkt op d'Demande vun der Multinationaller zum Beispill ageet, dann erspuert se sech déi ganz Prozedur mat enger Hällewull vun involvéierten Akteuren, Deadlines a Recoursméiglechkeeten an esou weider. Et ass eng relativ heftig Geschicht u sech, wa se net direkt op d'Demande ageet.

An da stellt sech dann d'Fro, wat an der Praxis duerno wäert do erauskommen. Mir mengen, datt do mat zimmlecher Sécherheet derbäi wäert erauskommen, datt d'Steierverwaltungen am vorausellenden Gehorsam u sech alle Reklamatiounen stattginn, soubal gréisser Boitte wéi PwC oder EY - wat weess ech - mat dëser Prozedur dreet, well se warscheinlech net kënnen nokommen. Net datt se d'Kompetenzen





net hunn, mee mir wëssen, datt mer e Problem hunn, datt se warscheinlech net wäerten nokommen.

Vläicht kéint een, well ech gi jo dovunner aus, datt dee Projet de loi ugehall gëtt, awer no engem Joer oder no zwee Joer e Bilan zéien, wéi dat an der Praxis gaangen ass, wat fir eng Demandé komm sinn, wat fir eng Prozeduren ageschalt gi sinn a wat duerno d'Resultat war. Ech hätt sollen eng Motioun dozou maachen, ech sinn net derzou komm. Mee et wier vläicht interessant, wa mer dat herno kucken.

Här President, amplaz de Problem dann un der Wuerzel ze paken an déi europäesch Betriebsbesteuerung ze harmoniséieren, ze vereinfachen a méi transparent ze maachen, ginn heimadder alt erëm warscheinlech just d'Symptomer behandelt, andeems weider komplex Prozeduren agefouert ginn, fir d'Steilverwaltungen ënner Drock ze setzen. Dat ass an eisen Aen eng Sakgaass, déi de Sozialstaat a ganz Europa zerstëiert, well d'Entreprises an déi ganz grouss Multien ëmmer manner zu den ëffentleche Finanzen bäidroen.

An dofir wäerte mer an deem Sënn genauosou wéi eis Fraktioun am Europaparlament dergéint stëmmen.

Ech soen lech Merci.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*. - Merci villmools, Här Wagner. An de leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Goergen.

► **M. Marc Goergen** (*Piraten*). - Merci, Här President. Mam virleiende Gesetzesprojet soll eng europäesch Direktiv ëmgesat ginn, déi derfir surge soll, dass Desaccorden, déi op Steierfroen an d'Evitéiere vun enger duebeler Besteuerung zréckginn, verbindlech gekläert ginn.

Mir Piraten wäerten d'Ëmsetzung vun dëser Direktiv haut matdroen, bedauern awer, dass sech just op Problemer bei der Besteuerung konzentréiert gëtt an net och op Accorden a Konventiounen Bezuch geholl gouf. Mir hoffen, dass do nach entspreichend Projeten nokomme wäerten.

En aneren negative Punkt ass, dass mat dësem Projet op en Neits erëm gewise ginn ass, dass d'Regierung et mat dem Ausfëlle vun der Fiche financière net esou genau hält. Obwuel de Projet virgesäit, dass sech d'Partnerlänner d'Käschte vun der Schlichtung deele wäerten, heescht et am Gesetzesprojet, dass keng Käschten opkomme wäerten. Dat huet souwuel de Conseil d'État wéi och d'Chambre de Commerce verwonnert. An dat ass och aus der Siicht vun de Piraten net déi Aart vun der Transparenz, déi mir eis a Finanzfroen wënschen.

Well Noléissegkeete beim Ausfëlle vun der Finanzfiche awer keen Afloss op den Inhalt vun dem Gesetz hunn, ginn ech, wéi ugekënnegt, den Accord vun de Piraten fir de Projet, mat der Hoffnung, dass d'Regierung an Zukunft méi transparent mat de kommenden Ausgaben ëmgoe wäert.

A Merci dem Joëlle Elvinger fir seng exemplaresch Aarbecht a bonne Chance op der neier Plaz.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*. - Merci villmools, Här Goergen. D'Regierung huet d'Wuert, den Här Finanzminister Pierre Gramegna.

#### Prise de position du Gouvernement

► **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*. - Här President, léif Kollegen aus der Regierung, Dir Dammen an Dir Hären Deputéierten, ech mengen, dat heiten ass e Projet de loi, dee vill Zoustëmmung féint. Dat ass gutt esou. A fir d'éischt géif ech gären der Deputéierten, der honorabelen Joëlle Elvinger Merci soe fir hire schrëftlechen a fir hire mëndleche Rapport.

Et ass derwäert, dass een e puer Minutten op d'Konsequenzen, déi positiv Elementer vun dësem Projet de loi ageet. Dat heiten ass jo eng Mise en œuvre vun enger Aktioun BEPS, d'Aktioun Nummer 14. A wa mer dat hei, wann Dir dat hei haut stëmmt, dann huet Lëtzebuerg 12 vun de 15 Aktiounen vu BEPS ëmgesat.

Mir bewisen domat, zesumme mat Europa, well mir maachen dat alles jo zesummen an Europa mat eise Partner, dass Lëtzebuerg beméit ass, fir international richtig dozuestoen an deen ambitieus Programm, deem am BEPS virgesinn ass am Kader vun der OCDE, ëmzesetzen.

Et ass esou, dass dat, wat mer hei ëmsetzen, sech limitéiert op d'EU-Länner, eng Kooperatioun ënnert den EU-Länner mécht, fir eng Lösung ze fannen, wa konfliktuell Interpretatiounen bestinn. An doduerch, dass mer dat da maachen, besteet méi Kloeerheet, wéi een esou Problemer léist.

Et ass esou, dass Lëtzebuerg, dat heescht dës Chamber, och de Multilateral Agreement ënnerschriwwen huet, den MLI, deen och e Mechanismus virgesäit, deen e bësse manner sophistiquéiert ass wéi deen heiten, soudass mer och mat Drëttlänner eng Mecanique hunn, wa Meenungsverschiddenheete bestinn tëschent zwou oder méi Steierverwaltungen.

Mir maachen also hei eppes, wat méi Kloeerheet schafft. A fir op déi Kriticken, déi gemaach gi sinn, ze äntweren: Ech mengen, e Land wéi Lëtzebuerg huet all Interêt, dass Kloeerheet besteet, well en absence vun esou engem Mechanismus wéi deem heite si mir als klengt Land - dat si mer jo awer - engem gréissere Land ausgeliewert!

An op wellecher Basis solle mer da mat anere Länner verhandelen, wien zoustänneg ass, wat d'Applikatioun vun de Gesetzer ass, wat d'Besteuerungsbasis ass, wat Lëtzebuerg zoukënnst a wat Lëtzebuerg net zoukënnst? Da si mer dach an engem vill bessere Kader, wa mer eng Gesetzgebung hunn, déi dat reegelt, soudass ech géif pauschal soen, dass esou eng Konventioun engem Land wéi Lëtzebuerg praktesch méi bréngt wéi engem gréissere Land an dofir mer nach en additionelle Grond hunn, fir dat ze maachen. Mee mir maachen et net dowéinst, mir maachen et, well mer dru gleewen a well dat eng gutt Saach ass.

Et geet, wéi Verschiddener richtig ënnerstrach hunn, drëms, ze evitéieren, dass och Duebelbesteuerunge geschéien. Mee et geet awer och drëms, ze evitéieren, dass an zwee Länner oder an dräi Länner néierens Steiere bezuelt ginn. Dofir ass esou e Projet wéi deen heiten och een, dee fir Gerechtegkeet suert.

Ech si frou, dass deene siwen, wann ech mech elo net ieren, deene siwe Kriticke vum Conseil d'État Rechnung gedroe ginn ass. Déi waren, wann ech richtig verstanen hunn, ech hunn dat gekuckt, juristescher Natur, technesch-juristescher Natur. An ech si frou, dass dat konnt behewe ginn.

Ech mengen, dass et och eng gutt Saach wär, wa mer géifen a terme e Réckbléck maachen, wéi esou eng Mesure zu Lëtzebuerg gegräff huet, ob dat gutt war oder net. Ech mengen, dat ass vu Verschiddener gefrot ginn. Ech géif awer oplossen, no wivill Joer, well ech weess net, wéi séier dass dat dote wierklech gräift. Am fréisten ass et esou, dass d'Joer 2018 dat éischt Joer ass, wou dat applikabel ass. Dat heescht, zwee Joer, wéi virgeschloe ginn ass, oder annerhalleft Joer ass immens kuerz a Steierdelaien.

Dofir, ech géif mech engagéieren, dass mer dat géifen eng Kéier maachen an dräi oder véier Joer, net well ech dat wëll vertagen, mee well an engem Joer, annerhalleft Joer mer iwwerhaupt net vill opweises hunn, well dat nach alles net gegräff huet. Mee d'Chamber huet scho Recht, dass mer dat solle kucken. An ech engagéiere mech och dozou, dass mer dat wäerte maachen, well dat och an eiselem Interêt ass, ze kucken, wat dat mat sech bréngt.

Zum Schluss, Här President, géif ech gären op déi Fro vum Deputéierte Mosar kuerz agoen, dee mer d'Fro gestallt huet, wéi et sech dann huet mat der Attitüd vun Amerika a Saachen international Besteuerung. Ech mengen, ech muss do ganz e bëssen aushuelen, andeem ech géif ënnersträichen, fir et ganz generell ze beschreiwen, dass et en fait an zwee Domänen haut op der Welt Progrès gëtt, multilateral.

Dat eent ass am Beräich Klima. Ech komme just vun der Konferenz zu Madrid COP25 erëm, wou 15.020 Delegéierten zesumme sinn a wou ee spiert, wéi dat Thema international ëmmer méi wichteg gëtt, a wou Europa Gott sei Dank wierklech de Virreider ass a wou villes geschitt, wou dës Regierung och elo ambitiéis Ziler gesat huet, deene mer eis verschreiwen an déi mer wëllen anhalen, wat ganz vill Konsequenzen huet op ville Pläng.

Do fonctionéiert de Multilateralismus. Mir wëssen allerdéngs, dass e Land wéi Amerika sech do erausgerappt huet, mee nanmoins, wann een dat op der Planéitebene kuckt, ass et esou, dass do de Multilateralismus gutt fonctionéiert.

Deen zweeten Domän, wou de Multilateralismus gutt fonctionéiert huet an de leschte Joren, ass grad d'international Besteuerung. A grad an deem Domän hunn ech och bis nach virun e puer Deeg selwer ëmmer gesot: Dat ass awer weinstens een Domän, wou d'Amerikaner matmaachen! A kommt, mir loosse eis och elo net beiere vun deem vläicht, wat an de leschte 14 Deeg geschitt ass!

D'Amerikaner hunn dee ganze Mouvement vu BEPS OCDE voll ënnerstëtzt, an et muss een an d'A faassen, dass d'amerikanesch Regierung mat der Steierreform vun 2017 och BEPS ëmgesat huet, an zwar zegutt! An dofir, Punkt Nummer 1, d'Amerikaner sinn do mat um Drécker a sinn do multilateral ënnerwee.

An de leschten Deeg sinn e puer Evolutionen geschitt, déi haaptsächlech mat der digitaler Besteuerung ze dinn hunn. Verschiddener an Europa hu gemengt oder woussten, dass d'Amerikaner déi ganz Initiativ, fir eng Digitalbesteuerung ze maachen, déi d'ganz Welt géif ofdecken a déi gerecht wier an déi pauschal vläicht wier, géif ënnerstëtzen. Lescht Evolutionen schéngen awer ze weisen, dass do Doutten opkomm sinn. Ass dat elo e komplette Revirement? Dat kann ech lech haut net soen.

Eng Decisioun, déi d'amerikanesch Regierung rezent geholl huet d'lescht Woch, schéngt ze weisen, dass se do vläicht de Kurs e bëssen änneren, an dat ass folgend, dass se jo Frankräich an Italien menacéiert hu mat Strofen, mat Tarifer, well déi Länner jo eng unilateral Digitalsteuer wëllen aféieren.

Nun, wéi kann een déi Positioun an Aklang bréngen mat der Attitüd vun Amerika bis virun e puer Deeg, dass déi digital Besteuerung misst gemeinsam gemaach ginn? Eierlech gesot, wéi een dat op e gemeinsamen Nenner ka bréngen, kann ech lech haut net soen.

Mee ech si beonrouegt iwwert dës Saach. An ech mengen, mir als Lëtzebuerg sollen eis asetzen, fir dass e „level playing field“ soll geschéien. A mir haten déi Debatt och an Europa am Conseil ECOFIN nach virun engem Joer, wou Velleitëiten do ware vun der Kommissioun an anerer, dass mer sollen eng EU-Direktiv a Saachen Digital upeilen. Dat ass eis leider net gelongen, well eng Rëtsch Länner sech opposéiert hunn.

Ech wëll awer hei nach eng Kéier ënnersträichen, dass Lëtzebuerg sech schlussendlech konnt mat där Saach befënnen, well eng ganz Rëtsch Limiten dra waren, ënner anerem och eng Klausel, déi gesot hätt, dass déi europäesch Solutioun automatesch géif no enger gewëssener Zäit wéi eng Guillotine ofhalen, well fir eis dat Allerwichtigst de „level playing field“ ass.

Et mécht net vill Sënn, et ass souguer contre-productif fir Europa, wa mir eng Steuer aféiere géifen op europäeschem Niveau an de Rescht vun der Welt keng. Domat maache mer eis net nëmmen net attraktiv, mee mir schrecke souguer Entreprises of.

Dat heescht, ech si mer deem Problem ganz bewosst, Här Mosar, an ech mengen, dat interesséiert alleguerten d'Deputéierten hei am Sall. Dofir, mir suivéieren dat ganz no a wäerten eis weider derfir asetzen, fir dass mer sollen e „level playing field“ hunn, awer eis och asetzen - dat ass mäi leschte Punkt -, fir dass Europa hei mat enger Stëmm schwätzt. Well déi Negociatiounen, déi de Moment stattfannen iwwert d'global Besteuerung, dat sinn Diskussiounen, déi am Kader si vum G7 a vum G20, wou mir jo net drätsen. An ech froe säit Méint am ECOFIN, dass eng europäesch Positioun soll elaboréiert ginn, fir dass mer kënne mat enger Stëmm schwätzen. Dat ass de Moment nach net de Fall. Mir sinn net eleng do, mir müssen déi aner och iwwerzeegen. Mee ech wäert mech weider derfir asetzen, dass Europa do soll mat enger Stëmm schwätzen. Dat kann nëmme geschéien, wa mer zesummen iwwert déi Problematik schwätzen.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*. - Merci villmools, Här Finanzminister Pierre Gramegna.

D'Diskussioun ass elo ofgeschloss. Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7431. Den Text steet am Document parlementaire 7431<sup>9</sup>.

#### Vote sur l'ensemble du projet de loi 7431 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen. Duerno de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

Dëse Projet de loi ass mat 58 Jo-Stëmmen an 2 Nee-Stëmmen ugehall.

*Ont voté oui :* Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Laurent Mosar), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par Mme Diane Adehm), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler (par Mme Martine Hansen) et Michel Wolter (par M. Jean-Marie Halsdorf) ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Mme Joëlle Elvinger, MM. Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mmes Carole Hartmann et Lydie Polfer (par M. André Bauler) ;

MM. Dan Biancalana, Alex Bodry, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy (par Mme Stéphanie Empain),

Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding ;

MM. Sven Clement (par M. Marc Goergen) et Marc Goergen.

*Ont voté non :* MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

#### (Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

### 12. 7492 - Projet de loi portant approbation de la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et la République Argentine pour l'élimination de la double imposition en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune et pour la prévention de l'évasion et de la fraude fiscales, et du Protocole y relatif, faits à Washington, le 13 avril 2019

Als nächste Punkt hu mer de Projet de loi 7492, eng Konventioun mat Argentinien am Beräich vun der Duebelbesteuerung. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Laurent Mosar, d'Madamm Josée Lorsché, den Här Yves Cruchten, den Här Roy Reding, den Här David Wagner, den Här Marc Goergen. D'Wuert huet elo d'Rapportrice vun dësem Projet, déi honorabel Madamm Joëlle Elvinger. Madamm Elvinger, Dir hutt d'Wuert.

#### Rapport de la Commission des Finances et du Budget

► **Mme Joëlle Elvinger** (DP), *rapporteuse*. - Jo, Här President, léif Kolleginnen a Kollegen, mam Gesetzesprojet 7492 gëtt e weider Duebelbesteuerungsofkommes ratifizéiert. Fir d'Entwécklung vun de wirtschaftleche Relatiounen tëschent zwee Länner, an dësem Fall sinn dat Lëtzebuerg an Argentinien, virunzebréngen, ass et fundamental, dass souwuel d'Leit wéi och d'Betriber net enger zousätzlecher Steuerlaascht ausgesat ginn, wa se an deenen zwee Länner aktiv sinn.

#### (Brouhaha et coups de cloche de la présidence)

Wann den Handel mat Wueren an Déngschtleschtunge soll floréieren, Investissementer solle fléissen an et zu engem Austausch vun Technologien an Know-how soll kommen, dann ass esou eng Konventioun effektiv grondleeënd. Dowéinst huet Lëtzebuerg och e grouse Réseau un Ofkommessen uechtert déi ganz Welt, deen och permanent ausgebaut a moderniséiert gëtt, och fir den neisten internationale Recommandatiounen a Saache Steierofkommes Rechnung ze droen.

Ech denken hei besonnesch un de BEPS-Aktiounsplang vun der OECD, iwwert dee mir op dëser Plaz scho méi dacks rieds haten, wéi elo nach virun zéng Minutten. Am Moment si mer effektiv bei engen 83 bilaterale Konventiounen an Accorden, déi schonn a Kraaft sinn. Eng weider 18 Stéck sinn aktuell an der Negociatiounsphas. Besonnesch par rapport zu de Länner aus Latäinamerika huet Lëtzebuerg an de leschte Jore vill Efforte gemaach, fir seng Relatiounen weiderzuentwéckelen an ze verdéieren.

Quitte dass Argentinien am Moment eng gréisser Wirtschaftskris erlieft, bleift et awer déi drëttgréissten Ekonomie a Südamerika. Deemno besteet grouss Potenzial, fir eis Relatiounen auszubauen. Bis elo gëtt et zousätzlech zu dëser nach eng aner Konventioun mat Argentinien aus dem Joer 2004, déi sech awer op de Sektour vum Fluchverkéier begrenzt huet. Déi nei Konventioun geet wäit doriwwer eraus an ëmfaasst alleguer déi wirtschaftlech Beräicher.

Wat d'Konventioun mat Argentinien selwer betrëfft, kann een nach drop hiweisen, dass dës Konventioun den 13. Abrëll dëst Joer zu Washington vum Finanzminister Pierre Gramegna ënnerschriww gouf. De Projet de loi 7492 ass den 23. Oktober an der Chamber deposéiert ginn. De Staatsrot huet a sengem Avis vum 26. November keng weider Observatiounen formuléiert an deemno gréng Luucht fir dëse Projet de loi ginn.

Ech selwer sinn den 3. Dezember zur Rapportrice genannt ginn, wourop mäi schrëftleche Rapport dunn och de 6. Dezember fir Kleeserchersdag an der Finanzkommissioun ugehall ginn ass.

Här President, dëst gesot, bleift mer just nach lech alleguerte Merci ze soe fir d'Nolauschteren. An heimadder ginn ech dann och den Accord vun der DP-Fraktioun zu dësem Gesetzesprojet. A well dëst mäi leschte Rapport war, quitte dass ech d'nächst Woch zwar och nach hei sinn,